E/19
03/09/2025

# D'HOLZKNIET ENG FLOTT SEKTIOUN







Mam Schouljoer 2025 – 2026 wëllen d'Holzkniet mol rëm hiren Aféirungscour ofhalen. Um Programm vun dësem Aféirungscour léiere mer d'Handhabung vum manuellen Handwierksgeschier, d'Holz a verschidde Maschinne kennen an benotzen. Wärend dem Cours ass d'Hierstellung vun nëtzlechem Handwierksgeschier wéi Streichmoss, Hummer an Handwierkskescht virgesinn.

Méi spéit am Joer, respektiv am zweeten Joer maachen mer eng Aféierung op den verschiddenen Maschinnen aus enger Schräinerei. Vitesse am Cours gëtt jidderengem eenzelen ugepasst.
Well mer nuren beschränkt Platz am Atelier hunn, sinn nach just 3 Platzen frei. **Di éischt déi sech umellen si vir.**

Den Afèierungscours geet den 14 Oktober un an dauert bis an de Juni 2026 all Dënschde vu 17:00-20:00 Auer duerno ass nach + 1 Stonn ronderëm den Dësch wou mer eis Erfarungen austauschen an eis besser kennen kéennen zeléiere. Scho no 1-2 Joer sidd der capabel fir selbstänneg är individuel Objeten am Holz hierzestellen. Heibäi gitt der am Atelier beroden an gehollef.

**Käschten** : Fir de Cours selwer entsti keng Käschten dir musst awer Member an der Amicale sinn.

**Handwierksgeschier** : Vir den Ufank braucht der nach keen Geschier am Viraus ze kafen, am Cours léiert der op wat e beim Akaf uechten muss. Oft huet een och sou munnech Geschier doheem leien wat vläicht stompeg ass. Dat kënnt der dann matbréngen fir ze schäerfen. Am Holzatelier hu mer e Stack vu Geschier esou dat d'Uschafen vum Geschier roueg en puer Méint dauere kann.

**Umeldung** : Jiddereen dee Member vun der Amicale ass egal op männlech oder weiblech kann sech fir dee Cours umellen. Virkenntnesser si keng erfuerdert.

Umeldung am beschten iwwert Email
un carlo-stemper@pt.lu
Zousätzlech Infoen kënnt der beim
Carlo STEMPER Tel 621 135 079 kréien.